Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, den 20ten Oktober 2017.

> **Iwwerstonnen ...**
> **Supplément de traitement / Majoration d'échelon ...**
> **Notes de service a Formulairen ...**
> **Accord C1 tëschent dem SNE, der AIP an dem MENJE ...**

Léif Kolleginnen, léif Kollegen,

Esou wéi den Här Minister Meisch et en Donneschden an der Reunioun mat de Presidenten ugekënnegt huet, sinn dës Woch effektiv Negociatiounen tëschent dem MENJE an dem SNE/CGFP zu folgenden Themen ugelaf :

☛ Iwwerstonnen ...

Den SNE/CGFP fuerdert op dësem Punkt, dass et zu enger substantieller Erhéijung vun der Indemnisatioun vun den Iwwerstonne kënnt.

Duerch dës Erhéijung soll d'Hale vun Iwwerstonnen nees un Attraktivitéit gewannen.

Duerch dës Mesure kéinten diplomiéiert Enseignanten incitéiert ginn, op volontairer Basis, iwwert hir regulär Tâche eraus, an der Schoul mat hirer Klass ze schaffen oder awer punktuell Kollegen, déi zum Beispill krank sinn, ze ersetzen.

Och soll d'Leeschte vun Iwwerstonne fir Leit an engem « Service à temps partiel » oder mat engem « Congé pour travail à mi-temps » neierdéngs nees erlaabt ginn, ausser fir déi Leit, déi an engem « Congé parental » sinn.

☛ Supplément de traitement/Majoration d'échelon ...

Wéi dir sécherlech matkritt hutt, **refuséiert de Minister vum ëffentlechen Déngscht Dan Kersch de « Supplément de traitement »,** deen eng Partie Kollegen op Gronn vun hirer Anciennetéit zegutt hunn, weiderhin auszebezuelen, an deem Fall wou si an de Genoss vun enger «Majoration d'échelon pour postes à responsabilités particulières kommen.

Mam Educatiounsminister Claude Meisch versicht den SNE/CGFP iwwert de Wee vun der Attributioun vun enger weiderer Decharge, déi als Iwwerstonne sollen ausbezuelt ginn, eng gewësse Kompensatioun fir dee Verloscht ze fannen.

☛ Notes de service a Formulairen …

D'Notes de service sollen esou ugepasst ginn, dass si sech op déi aktuell Legislatioun bezéien, besonnesch wat d'Unzuel vun de Stonnen u « Formation continue » ubelaangt, déi d'Leit, déi Deelzäit schaffen, ze leeschten hunn.

Onnéideg Formulaire sollen zréck gezu ginn, anerer solle gestrafft, respektiv méi kloer duergestallt ginn, fir dass si fir jidderee méi lieserlech ginn.

☛ Accord C1 tëschent dem SNE, der AIP an dem MENJE …

Hei fuerdert den SNE/CGFP, dass de MENJE elo all ofgemaachte Mesuren esou séier wéi méiglech op de legislative Wee schéckt.

Dat gëllt virun allem fir déi Mesuren, déi verhënneren, dass et bei den Enseignanten, déi an Deelzäit schaffen, duerch d'Aféierung vun de Concertatiounsstonnen zur méi-sproocheger Erzéiung zu enger Erhéijung vun der Tâche géif kommen.

Déi Prinzipien, wéi se am Accord festgehale goufen, sollen och schonns fir dëst Schouljoer ugewannt ginn.

Mat syndikalistesche Gréiss,
de Comité central vum SNE/CGFP

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

cgfp
Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu